

Ueschdrëf, den 09. September 2016

Collège des bourgmestre et échevins
19, Hauptstrooss
L-8805 Rammerech

Betrëfft: Reklamatioun géint « exploitation d'une station d'épuration à Arsdorf, section AA numéro cadastral 1525 »

Här Buurgermeeschter, Dir Dammen an Häre Schäffen,

Ech si Proprietär vun de Wisen 1455/4597“ in der Bach“, 1453/4596 „, bei der Kabichfels“, 1446/3018, 1447/3021, 1451/3022, 1451/3022, 1452/4583, 1730/443, 1447/3019Sectioun AA Ueschdrëf. Duerch dës Wise fléisst d'ueschrëfer Baach. Hei hunn ech d'ganz Joer Déiere lafen déi an déi Baach saufe ginn.

Dës Wise leien ongeféier 300 Meter stroumofwärts vun der Kläranlag déi soll gebaut ginn.

Ech hunn also d'Qualitéit vum Interesséierten a Betreffenen a maachen an dëser Qualitéit Oppositioun zum Projet „Kläranlag“.

Ech hunn den Dossier vun der Firma Ingénieurs-Conseils Prosolut S.A. den 09. September 2016 agesinn. Ech huelen un datt de Syndicat intercommunal SIDEN déi Firma mam Dossier beoptragt huet. Dat ass zimlech onduerchiichteg well och nach eng aner Firma optrëtt an zwar Berg & associés sàrl, Ingénieurs conseils. Deen Dossier ass nëtt komplett a verfälscht d'Realitéit.

1. Déi propper Ueschdrëferbaach gött elo duerch de Projet Zesummeleeë vun 3 Uertschafte vergëft.

Et feelt virun allem eng Analys vum Ist-Zoustand vun der Waasserqualitéit vun der Ueschdrëferbaach vun engem onofhängege wëssenschaftlechen Institut. Déi fréier Henri Tudor huet dat ganz Joer 2015 Analyse vum Waasser vun der Baach gemaach opp der Héicht vun der Bréck déi un den Terräin 1525 stéisst. Dee Rapport feelt. D'Baach soll aktuell vun absolut gudder Qualitéit sinn, ouni vill Nitraten.

Dat ass och kee Wonner well d'Waasser, dat nëtt vill durch eng Populatioun (ongeféier 228 Ueschdrëfer) verschmotzt gött an de laange Wee vun der mechanescher Kläranlag am Gronn bis d'Ueschdrëfer Millen, botzt Waasser.

Elo sollen 3 Uertschafte (Bilschdref, Heeschpelt an Ueschdrëf) zesumme geluegt ginn an dat ganz Ofwaasser vun enger viraussichtlecher Populatioun vun +/- 1.100 Leit, Tendenz no uewen, soll an déi Kläranlag konzentréiert ginn. Hei ass dat beschten an direkt Beispill vun den negative Konsequenze vun enger onkontrolléierter Steigerung vun der Bevölkerungszuel zu Lëtzebuerg.

Ech maachen dropp oppmiirksam wat dat heescht wann esouvill Ofwaasser zesumme kënt.

Do gött alles an d'Waasser gekéiert, vun den Exkrementer déi mat allerlee Antibiotika a soss Medikamenter a Gëfter belaascht sinn bis zu masseweis Botz a Spullmëttel.

Keng Spuer an den Dokumenter déi deen Aspekt analyséieren a wéi déi Gëfter aus dem Waasser erausgefiltret ginn. Dat Waasser leeft an de Stauséi dee schon immens belaascht ass

an deen awer eis Drénkwaasserreserv an der Géijhend duerstellt.

Nierft dësem Dreck an deene Gëfter duerf een nëtt d'Nitraten, de Piff a soss Sprëtzmittelen an Dünger vun der Landwirtschaft vergiessen déi weiderhinn e grouse Problem duerstellen.

Da gëtt gesot, déi Kläranlag, Modell BIOCOS, wier eng modern Bioanlag (sic). Wéi kann ee vun enger Bioanlag schwätzen, wann do permanent bis zu 8.000 Liter héich toxegem Fällmittel ALUMIN stockéiert an dermat hantéiert gëtt, fir d'Phosphaten ze behandelen.

Den ALUMIN ass extrem toxesch an de Risiko besteet datt d'Toxizitéit vun eisem Stau a Periode wéi mir se elo am August/September 2016 hunn, nach méi eropp gesat gëtt. Well de Problem fir d'Gesondheet vum Mënsch an den Déieren sinn nëtt d'Algen, mä d'Toxinen. Och ass den ALUMIN kribberregend wat de Kriibsrisko vun der Populatioun och neess eemol an d'Luucht schrauft.

Wéi ass et mat den zousätzleche Schwéiermetaller déi hei duerch deen immense Projet ufalen? Hei ass keng Analys gemaach ginn.

Kee Wuert am Dossier iwwert déi drëche Perioden wou d'ueschdréfer Baach an dene leschte Joeren deeglaang drëche loug. Keng Drëpps Waasser woar an der Baach. An esou Situatiounen wärde mir méi dacks an Zukunft erliwien. An esou Periode konzentréiere sech d'Gëfter.

Wat wann Iwwerschwemmunge sinn? Dat gëtt an der Dokumentatioun komplett erofgespillt. Ech erënneren drun datt déi al Bréck duerch esou eng Iwwerschwemmung zerstéiert gouf an huet neess mussen nei gebaut ginn. Och ass a ménger Wiss vun 3,5 Hektar d'Waasser aus dem Bett iwwert méng Wiss gelaf. An der Reeperiod leeft d'ueschdréfer Baach iwwert hiirt Bett eraus an duerch méng Wisen well d'Waasser sech säin aalt Bett siche geet; dat aktuell Bett vun der Baach ass nëtt dat ursprüngelech Bett.

Bei staarkem Reen leeft an Zukunft dat vergëftend Waasser iwwert méng Wiss an d'Gëfter setzen sech do of.

Da friessen nëtt nëmme méng Déieren an d'Fauna dat Gëft mä et sickert och nach an d'Grondwaasser.

Ech verlaangen duerfir eng komplett Analys vum aktuellen IST-Zoustand vun der Ueschdréferbaach. Och bidden ech Iech de Rapport vun der Analys 2015 vum wëssenschaftlechen Institut Luxembourg Institute of Science and Technology (LIST) virzeleeën.

Dat Institut wier och méi kompetent eng wëssenschaftlech Analys iwwert den Impakt opp d'Waasser an d'Natur vun deem Projet ze maachen ewéi en Ingenieur's Büro deen an deeër Matiär nëtt déi neideg Qualifikatioun huet.

2. « Une évaluation des incidences sur l'environnement n'est pas requise »

An dat schreift eng « *Administration de l'environnement* » (sic). Als verantwortungsvolle Biirger emfannen ech esou eng Ausso ewéi eng Frechheet a beweist d'Inkompetenz an de Marionettegeesch vum esou enger Administratioun bzw. engem Umweltministär.

Den 21. Januar 2015 hat ech un den Umweltministär geschriwwen, ech hätt gären eng Stellungnahm zum Projet vun der Kläranlag Ueschdréf wou ech opp déi beviirtehend Naturzerstéierung oppmiirksam gemaach hunn. De 26. Januar 2015 äntwert mir den Umweltministär (*Ministère du développement durable et des infrastructures*)

« d'Umweltverwaltung huet an deene Beräicher déi Dir uschwätzt keng Kompetenz« (ënnerschriwwen Robert Schmit, Direkter).

An engem Bréif vun deem selwechte Ministär (ënnerschriwwen Sven NUSZKOWSKI) de 06.04.2016, Rferenz Dossier 1/15/0638, heescht et: « *L'administration de l'environnement, en tant qu'autorité compétente, a examiné le projet en tenant compte des critères de sélection pertinents dont question à l'annexe III du règlement grand-ducal modifié du 7 mars 2003. Il résulte de cet examen, que l'installation et l'exploitation de la station d'épuration ne sont pas susceptibles d'avoir des incidences notables sur l'environnement. Une évaluation des incidences sur l'environnement n'est pas requise.* »

Dat ass nëtt sériéis an total verantwortungslos. Et schéngt ewéi an deem hei Dossier een deem aneren d'Hand wäscht an de Biirger opp den Aarm hëllt.

Amplaz selwer eng onofhängeg Etüd ze maachen, kopéiert dës Administratioun wuertwärtlech d'Rekommendatiounen vun engem privatwirtschaftsinteressiertem „Büro d'Umwelt“ Dossier 1/15/0638. Die Umweltbehörde hat keine Kompetenz im Bereich...

d'etudes" Prosolut S.A. : „Die durchgeführte Analyse kommt zum Schluss, dass im vorliegenden Fall auf eine Umwelt-Verträglichkeits-Prüfung verzichtet werden kann“ (Projekt Nummer 1564-ci-743, Genehmigungsantrag, Seite 6/54.)

A watfir eng „durchgeführten Analyse“ ass dat dann?

De Prinzip vun der „Précaution“, also der Viirsicht, verlaangt, dass een näischt ausléisst wat d'Gosondheet vum Mënsch an Déier kéint gefährden. Dat ass bei dësem Projet de Fall. Nëtt nëmmen datt eng Mass vu konzentréierte Gëfter a belaschtem Dreck an d'ueschdréfer Baach konzentréiert gëtt mä dee permanenten Asaz vum ALUMIN belascht no an no iwwert déi nächst Joeren d'Baach, de Stauséi an eist Dréckwaasser.

Et ass also nëtt nëmmen e Problem vun der Lagerung vun 8.000 Liter ALUMIN mä de permanente Gebrauch iwwert déi nächst Dekaden vun dësem héich toxegen Material.

A wat geschitt mat deem phosphathaltegem a gëftege Schlamm? Wou gëtt deen transportéiert? Wou gëtt deen entsuergt? Wat kascht dat? Oder gëtt deen neess opp eis Felder verspreed?

Och heiriwwer steet näischt am Dossier.

Wann am Bericht steet: „Das in der Kläranlage Arsdorf gereinigte Wasser soll an den Arsdorferbaach abgegeben werden“ da géif ee mengen, dat wier propper Waasser. Dat ass awer absolutt nëtt de Fall. Dat ass kee propper Waasser zemoos d'Waasseramt „Administration de la gestion de l'eau; Division de la protection des Eaux“ maximal Grenzwärter fir verschidden Elementer virschreift « Normes de rejet pour la station d'épuration biologique d'Arsdorf-Moulin (1100 é.h.), commune de Rambrouch ».

Duerfir ass et absolutt noutwendeg en IST-Zoustand vun der Baach ze maachen an dat vun engem onofhängege wëssenschaftlechen Institut!

Et läit am Dossier keng fir den „normale“ Biirger verständlech Etüd iwwert déi virausiichtlech Rejeten vun deene verschiddenen Elementer déi d'Waasseramt hei virgëtt.

3. «avant le rejet dans le « Ningsbaach »

Gëtt hei geblufft? Ginn d'Leit fir domm verkaf?

D' « Administration de la gestion de l'eau, Division de la Protection des Eaux » verlaangt an hirem Schreiwes vum 9. Januar 2014, Ref. AGE-DIR-REC-798787789040435 maximal Grenzwärter « **avant le rejet dans le Ningsbaach** ».

D'Ningsbaach geet erréischt ongeféier 6 km no der Kläranlag un, an zwar bei der Bréck déi am Bëschwee läit dee vun Ënsber opp Ningsbaach féiert.

Firwat sollen déi maximal Grenzwärter erréischt do gemiess ginn?

Bis dohin hu sech scho vill Gëfter an der Baach ofgesat, haaptsächlech Schwéiermetaller a versickeren an d'Grondwaasser.

Entweder ass d'Injonktioun vum Waasserministär nëtt seriéis oder mir gi fir domm verkaf. Et kann awer och sinn datt déi Verantwortlech fir de Projet de Ministär absiichtlech mat falschen Informatiounen beliwert hunn fir d'Grenzwärter erréischt no enger Distanz vun ongeféier 6 Kilometer ze miessen.

Déi ganz Prozedur muss also nei gemaach ginn!

An déi Verantwortlech vum Waasserministär wiere gudd beroden, wa se eng Etüd vun engem onofhängegen Institut maache loosse géifen iwwert déi virausiichtlech Rejeten vu Gëfter an Toxinen vun der projezéierter Kläranlag. Well et ass nëtt seriéis déi maximal Grenzwärter erréischt zu Ningsbaach ze miessen.

Weider steet am besoten Bréif vum Waasserministär: „Afin de réduire davantage l'apport de nutriments et de bactéries fécales dans le lac de la Haute-Sûre[,] un champ de roseaux est à prévoir en amont du rejet dans le cours d'eau « Ningsbaach ».

Näischt steet heiriwwer am Dossier.

Et ass also kloer datt d'Ausso „Das in der Kläranlage Arsdorf gereinigte Wasser soll an den Arsdorferbaach abgegeben werden“ falsch ass, wann de Waasserministär schon dervun ausgeet datt de Stauséi weider belascht gëtt. Et ass also kee „gereinigtes Wasser“.

A wou soll dann dee „champ de roseaux (Schilfrohr)“ kommen (en amont du rejet dans le cours d'eau „Ningsbaach“)? Esouwäit ech weess sinn dat alles Privatpropriétéiten wou

esou e Feld misst entstoen. An der Baach selwer gedeit kee Schilfrohr. A firwat erréischt do wou d'Ueschdrëferbaach an d'Ningsenerbaach iwwergeet?

4. „De Projet ass konform zum gëltege PAG vun der Gemeng Rammerech“, esou de **Buurgermeeschter Rodesch.**

Dat ass nëtt wouer.

- a. De gëltege PAG vun der Gemeng ass nach ëmmer deen alen well deen neien nach ëmmer an der Maach ass (sic). Laut dem PAG ass den Terrain 1525 als Gréngzone ausgewisen, bzw. als „zone agricole et forestière“ an ausserhalb vum Bauperimeter. Do duerf nëtt gebaut ginn!

Laut PAG vun der Gemeng Rammerech:

« La construction de bâtiments nécessaires à l'exploitation agricole ainsi que l'implantation de fermes entières (Aussiedlerhöfe) peuvent y être autorisées sans préjudice des dispositions de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles. »

- b. D'Gesetz vum 28. Juli 2011 iwwert den « *Aménagement communal et développement urbain* » disposéiert : « Section 3 – *Les zones destinées à rester libres*
Artikel 28 : *les zones agricoles, les zones forestières, les zones de verdure....* »
- c. Weider ass d'Zil vum Gesetz (Artikel 2):

« Les communes ont pour mission de garantir le respect de l'intérêt général en assurant à la population de la commune des conditions de vie optimales par une mise en valeur harmonieuse et un développement durable de toutes les parties du territoire communal par :(e) le respect du patrimoine culturel et un niveau élevé de protection de l'environnement naturel et du paysage lors de la poursuite des objectifs définis ci-dessus.....

Dir gidd hei eng Fiichtwiss an e Biotop zerstéieren. Deen Terrain gëtt mat Beton zougeluegt an dat an enger Zone déi als Gréngzone ausgewisen ass.

Déi Kläranlag schafft mat engem héich toxegen Gëft dat äzt an d'Metall korroséiert an dat doriwwer eraus kribberregend ass.

Déi Kläranlag brauch Stroum, mécht Kaméidi a produzéiert ganz vill Gestank opp enger Plaz déi bis elo onberéiert bliwwen ass.

Wéi ass dat an Aklang ze bréngen mat Zil vum Naturschutzgesetz a mam Gesetz iwwert de PAG?

D'Gesetz vum 19. Januar 2004 iwwert de Schutz vun der Natur disposéiert:

Art. 1er. *La présente loi a pour objectifs la sauvegarde du caractère, de la diversité et de l'intégrité de l'environnement naturel, la protection et la restauration des paysages et des espaces naturels, la protection de la flore et de la faune et de leurs biotopes, le maintien et l'amélioration des équilibres et de la diversité biologiques, la protection des ressources naturelles contre toutes les dégradations et l'amélioration des structures de l'environnement naturel.*

Art. 5. *Dans les parties du territoire de ces communes situées en dehors des zones définies à l'alinéa qui précède, parties dénommées "zone verte" dans la présente loi, seules peuvent être érigées des constructions servant à l'exploitation agricole, jardinière, maraîchère, sylvicole, viticole, piscicole, apicole ou cynégétique ou à un but d'utilité publique. Les constructions restent cependant soumises à l'autorisation du Ministre.*

5. **Bei dem beantragten Vorhaben handelt es sich um ein „projet d'utilité publique“....**

Esou d'Firma Ingénieurs-Conseils Prosolut S.A. bzw. den interkommunale Syndikat SIDEN. Sinn déi elo kompetent fir de Projet als e « *projet d'utilité publique* » ze erklären?

Et läit am Dossier keng Dezisioun vum Minister deen de Projet « d'utilité publique » erklärt. Wat sinn d'Argumenter de Projet opp deem bestëmmten Terrain, mëtten am Bësch, opp enger Fiichtwiss an engem Biotop, an enger „Zone agricole“ ausserhalb vum Bauperimeter als „projet d'utilité publique“ ze erklären? A wann esou eng Qualifikatioun besteet, opp Grond vu wätfir engem Dossier hätt de Minister séng Dezisioun geholl? Dach sécher nëtt opp esou

engem inkompletten, onduerchsiichtegen Dossier ewéi deen, deen opp der Gemeng Rammerech läit.

6. Keng Alternativen

Am Dossier si keng Alternativen zum Projet diskutéiert ginn. Weder Standuert, nach en anere Modell vu Kläranlag.

Fazit

Ech hat mir déi Wisen un der UeschrëferBaach viru 16 Joer no an no ugeschaaft wéinst dem proppere Waasser vun der Ueschrëferbaach fir méng Déieren, wéinst der idyllescher Lag, der Rou an der nach onberéierter Natur.

Ech hu mäi Land gepflegt a woar ëmmer dropp beduecht keng Pestiziden a keen Dünger ze gebrauchen deen dem Buedem an dem Waasser géif schueden.

An elo kommt dir a baut eng Kläranlag dohinn déi alles zerstéiert an d'Waasser vergëft.

Ech sinn duerfir géint dee Projet.

Dee Projet kann och nëtt esou duerchgefouert ginn well en illegal ass.

Déi Kläranlag ass ganz geféierlech a gesondheetsschiedlech fir mech a méng Déieren déi all Daag opp 300 Meter no der Kläranlag mam Waasser vun der Ueschrëferbaach a Beréierung kommen well dës duerch d'Realiséiere vun deem Projet vergëft gëtt.

Ech behale mir weider Reserven a Schrëtter vir.

Pierre Peters

E-Mail: paerd@pt.lu